

et 83/349/CEE du Conseil, et abrogeant la directive 84/253/CEE du Conseil, - portant organisation de la profession de l'audit; - modifiant certaines autres dispositions légales, et - portant abrogation de la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseur d'entreprises

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 21.04.2008

17) **5873** - Projet de loi portant sur le renforcement des effectifs de la Police et modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 21.04.2008

3. Par lettre du 21 avril 2008 Monsieur le Député Ben Fayot a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement au sujet de la Bibliothèque nationale.

4. En date du 24 au 27 mars 2008 se sont tenues des réunions de la Commission sur la dimension civile de la sécurité de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN (APO) à Istanbul et à Ankara (Turquie). La Chambre des Députés y était représentée par M. Marc Angel, Vice-Président de la délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN, et par Mme Lydia Mutsch, Membre de la délégation luxembourgeoise.

À l'ordre du jour figuraient notamment le processus d'adhésion de la Turquie à l'UE, l'ambition de la Turquie de devenir une plate-forme énergétique et son rôle dans la sécurité énergétique de l'Europe, la controverse suscitée par une décision de lever l'interdit sur le port du voile à l'université, le recours juridique visant à interdire l'AKP, la situation de la population kurde, la récente intervention militaire de la Turquie contre le PKK dans le nord de l'Irak ainsi que la lutte contre le terrorisme.

5. En date du 27 au 28 mars 2008 s'est tenue la 4<sup>e</sup> session annuelle de l'Assemblée parlementaire euro-méditerranéenne (APEM) à Athènes.

La Chambre des Députés y était représentée par Mme Lydie Err, Présidente de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APEM, Mme Martine Stein-Mergen, Vice-Présidente et M. Xavier Bettel, Membre de la délégation luxembourgeoise.

À l'ordre du jour figuraient notamment des discours de M. Kostas Karamanlis, Premier Ministre de la République hellénique, M. José Manuel Barroso, Président de la Commission européenne, M. Stavros Dimas, Commissaire européen pour l'Environnement et M. Hans-Gert Pöttering, Président du Parlement européen.

Mme Err a participé aux travaux de la commission politique, de sécurité et des droits de l'Homme ainsi qu'aux travaux de la commission ad hoc sur les droits de la femme dans les pays euro-méditerranéens.

Mme Martine Stein-Mergen a assisté aux travaux de la commission pour la promotion de la qualité de la vie, les échanges humains et de la culture ainsi qu'à une réunion informelle du groupe de travail des experts sur les questions d'énergie et d'environnement.

M. Xavier Bettel a représenté la Chambre des Députés à la commission des affaires économiques, financières, des affaires sociales et de l'éducation.

Lors de l'élection des bureaux des commissions parlementaires, Mme Lydie Err a été élue Vice-Présidente de la nouvelle commission des droits de la femme dans les pays euro-méditerranéens et M. Xavier Bettel Vice-Président de la commission des affaires économiques, financières, des affaires sociales et de l'éducation.

6. En date du 28 au 30 mars 2008 s'est tenue une réunion de la Commission Permanente de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN (APO) à La Haye (Pays-Bas). La Chambre des Députés y était représentée par M. Marc Spautz, Président de la délégation luxembourgeoise auprès de l'Assemblée parlementaire de l'OTAN.

À l'ordre du jour figuraient notamment les relations avec la Fédération de Russie, le statut des délégations non membres et l'intégration de nouveaux pays.

2. Retraits du rôle des affaires

Zwee Projete goufe vum Rôle vun den Affäre gestrach: de Projet de loi 5778, eng Ofännerung vum Postgesetz, an de Projet de règlement grand-ducal 5688, eng Direktiv iwwert d'Gemengewahlen.

3. 5857 - Proposition de loi sur la prostitution

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 17 Abrëll huet d'Präsidentekonferenz virgeschloen, dass d'Proposition de loi 5857 iwwert d'Prostitution fir recevabel erkläert wär.

Une voix.- Oh, neen!

M. le Président.- Dës Proposition de loi gouf den 19. Mäerz vun der Madame Err, dem Här Angel, dem Här Castegnaro an der Madame Dall'Agnol déposéiert.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

4. 5595 - Proposition de révision de l'article 10 de la Constitution

5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1<sup>er</sup> de la Constitution, Article 63 du Règlement

Ech wéilt d'Chamber froen, ob si sech fir d'Prise en considération ausschwätzt vun zwee Virschléi iwwer eng Verfassungsännerung: d'Proposition 5595 iwwert den Artikel 10 an d'Proposition 5672 iwwert den Artikel 9, 1. Alinea. Et handelt sech heibäi ëm eng Décisioun, déi noutwendeg ass opgrond vun enger Disposition aus dem Chamberreglement.

Ass d'Chamber d'accord domat?

(Assentiment)

Dann ass et och do esou décidéiert.

5. Composition des commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun der Commission de la Santé an der Sécurité sociale ubelaangt, huet d'CSV-Fraktion virgeschloen, dass bei der Instruktioun vum Projet de loi iwwert d'Palliativmedezin an der Proposition de loi iwwert d'Recht an Dignitéit ze stierwen déi Damme Marie-Josée Frank an Nancy Arendt ersat ginn duerch déi Häre Jean-Paul Schaaf a Patrick Santer.

Ass d'Chamber och domat averstanen?

(Assentiment)

Une voix.- Neen!

M. le Président.- Dann ass et esou décidéiert.

(Hilarité)

6. Ordre du jour

Wat déi parlamentaresch Aarbechte fir dës Woch ubelaangt - Madame Flesch, mir kommen elo zum Ordre du jour, deen Dir virdru schonn ugesprach hat -, gouf folgenden Ordre du jour virgeschloen: haut de Mëtteg eng Froestonn un d'Regierung, eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der CSV-Fraktion iwwert d'Organspenden an eng Orientéierungsdebatt iwwert de Rapport d'activité vum Médiateur. Den Ordre du jour gëtt evaküiert, och wann d'Sitzung iwwer hallwer siwen erausgeet.

Muer um hallwer dräi steet op eisem Ordre du jour: d'Deklaratioun vum Här Kooperationsminister Jean-Louis Schiltz iwwert d'Entwécklungshëllef mat uschléissender Debatt, de Projet de loi 5516 iwwert d'Schaffung vun engem Institut luxembourgeois de normalisation an de Projet de loi 5585 iwwert d'Gestioun vun den Donnéeën am Beräich vum Tourismus.

En Donneschdeg um dräi Auer - net um hallwer dräi, mä um dräi - hu mer de Projet

de loi iwwert de Centre Mariendall, dann d'Question avec débat vum Här Bettel iwwert d'Presenz vun Observateuren am Fall vun Ausweisungen an de Projet de loi 5698, eng Konventioun iwwer international Garantië fir Matériels d'équipement mobiles. Dann nach de Projet de loi, wat eng Konventioun ass, géint d'Fraude fiscale, a schlussendlech eng Konventioun iwwert de Schutz vu Kulturgidder. Um Enn vun där Sitzung hu mer nach d'Naturalisatiounen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Sous réserve, dass d'Madame Flesch eppes gefrot huet. Wann Der mir nach eng Kéier wéilt rappeliéieren, wourëms et geet.

Mme Colette Flesch (DP).- Här Président, et geet ëm meng Fro 2371 iwwert den „General Aviation Terminal“ um Findel, deen an Ärer Lëscht vum 17. Abrëll figuriéiert, bei deene Froen, wou den Délai fir d'Beantwortung dervun dépasséiert ass. Ech beruffe mech op den Artikel 80, Paragraph 5 vun onsem Reglement, dat virgesäit, dass, wann de Minister am Délai vun engem Mount net op eng Fro geäntwert huet, se an der éischter Séance publique de la semaine suivant l'expiration du délai de réponse gestallt ka ginn.

Ech hunn de Moien an elo nach de Mëtteg bei der Chamber vérifiéiert, ob d'Äntwert ukomm wär. Dat, ass mer gesot ginn, ass net de Fall. Ech sinn der Wourecht awer schëlleg, dass den Här Lux elo virdru bei mech gelaf komm ass a gesot huet, hien hätt d'Äntwert gëschter ënnerschiwwen. Nach ass se anscheinend net hei agelaf, duerfir géif ech gär meng Fro stellen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Dat ass déi modern Technik.

M. le Président.- Dir hutt elo esou laang gewaart, Madame Flesch,...

(Hilarité)

...elo géif et vläicht och net méi op een Dag ugoen. Mä wann Dir se awer wéilt stellen, dann ass et laut dem Reglement Äert gutt Recht. Wat seet den Här Minister Lux? Hie ka vläicht seng schrëftlech Äntwert virlesen.

Mme Colette Flesch (DP).- Hien huet se och net!

M. Lucien Lux, Ministre des Transports.- Ech hu se och net hei. Ech wäert der Madame Colette Flesch nach bis zum Enn vun der Heure de questions d'Äntwert schrëftlech iwwerreechen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Très bien. Wann dat gekläert ass, dann denken ech, wäert d'Madame Flesch och zefridde gestallt sinn.

Mme Colette Flesch (DP).- Ech verzichten, Här Président, op dat Recht, wat d'Reglement mir zouerkennt.

M. le Président.- Très bien. Dann ass déi Fro vum Ordre du jour geléist.

Den Här Spautz freet d'Wuert. Här Spautz, wann ech gelift.

M. Marc Spautz (CSV).- Här Président, bei där Fro, déi mäi Kolleeg Ali Kaes an ech de 14. Februar gestallt hunn un de Minister vun der Gesondheet betreffend de Bilan vun enger Motioun, déi mer den 21. Dezember 2004 an der Chamber geholl hunn iwwert de Reclassement externe a Reclassement interne, do waarde mer och elo zënter dem 14. Februar op eng Äntwert. Dat ass elo schonn e bëssche méi laang hier.

De Minister ass awer elo net do. Do gëtt et jo dann zwou Méiglechkeeten: Entweder ass et en anere Regierungsmember, deen drop äntwert, respektiv mir leeën et dann e bësse méi spéit, während der Heure de question. Ech weess et net, mä et wier och wichteg, dass mer eng Äntwert kréien.

(Interruption)

M. le Président.- Loosse mer elo hei schéin der Rei no fueren. Här Spautz, Är Fro war och vläicht e weéneeg komplizéiert. Duerfir soll een der Regierung och déi noutwendeg Zäit ginn.

M. Xavier Bettel (DP).- Ech hunn nach eng vum leschte Joer vum Här Frieden net beäntwert kritt, Här Président!

(Brouhaha)

M. le Président.- Här Bettel, hutt Dir d'Wuert gefrot?

(Hilarité)

Et ass Äert Recht, fir d'Wuert ze froen, mä da maacht dat a geuerdnetter Form!

M. Xavier Bettel (DP).- Här Président, just fir ze soen, et stëmmt, dass verschidde Froen net beäntwert gi sinn. Et sinn der ganz, ganz vill an deem leschte Relevé, dee mer kritt hunn. Iwwer 30 Froe sinn net beäntwert ginn an do och nach zwou vum leschte Joer an do ass eng vu mir derbäi. Ech wier awer frou, wann d'Regierung mer iergendeng Kéier kéint eng Äntwert ginn. Dat wier awer interessant an ech mengen dat wier och héiflech vun der Regierung vis-à-vis vun der Chamber.

M. le Président.- Gutt. Also de Wunsch nach eng Kéier un d'Regierung, am nächste Regierungsrot driwwer ze beroden, wéi een et kéint maachen, fir och déi komplizéiert Froe vun den Deputéierten an tant soit peu raisonnablen Délaie beäntwert ze kréien.

Här Spautz, ech denken, dass mer Är Demande elo emol zrëckstellen a bei deem bleiwen, wat mer hei hunn. Ech wéll d'Chamber elo emol froen, ob se d'accord ass mat deem Ordre du jour, deen ech virdru virgedroen hunn?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zu der Heure de questions un d'Regierung. Dir wësst, wéi ëmmer, d'Deputéierten hunn zwou Minutten Zäit, d'Regierung véier Minutten Zäit, fir ze äntwerten. Ier mer dozou kommen, ginn ech der Madame Marie-Josée Jacobs, Familljeministesch, d'Wuert fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

7. Dépôt d'un projet de loi

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Merci, Här Président. De Grand-Duc huet mer erlaabt, de Projet de loi ze déposieren iwwert d'Assistenz an d'Hëllef vun Affer, déi aus dem Mënschenhandel kommen.

5874 - Projet de loi portant sur l'assistance et la protection des victimes de la traite des êtres humains modifiant le code de procédure civile

M. le Président.- Ech ginn lech Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi, deen un déi zoustänneg Chamberskommission verwise gëtt. Den Här Gibéryen signaléiert mer, dass hien och geschriwwen huet. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

8. Dépôt d'une proposition de loi

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här Président. Et wier och fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen iwwert d'Erëmaféiere vum integralen Indexsystem hei zu Lëtzebuerg. Ech wier frou, wann déi Proposition de loi géif ganz séier traitéiert ginn, well d'Land, dat waart dorop.

5875 - Proposition de loi

a) réinstallant l'automatisme d'indexation des salaires, traitements, pensions et rentes

b) réinstallant l'indexation des prestations familiales et du forfait éducation et

c) instaurant l'indexation automatique du boni pour enfant, et de ce fait

1) abrogeant les articles 1<sup>er</sup> et 3 de la loi du 27 juin 2006 adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et des traitements

2) modifiant

a) l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État, la loi modifiée du 27 mai 1975 portant généralisation de l'échelle mobile des salaires et des traitements

b) l'article 10 de la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet: 1) d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge

c) de modifier la législation existante en matière d'allocations de naissance

d) l'article 4 de la loi modifiée du 30 avril 1980 portant création d'une allocation de maternité

e) l'article 4 de la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales



f) l'article 3 de la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire

g) l'article 6 de la loi modifiée du 1<sup>er</sup> août 1988 portant création d'une allocation d'éducation

h) l'article 8 de la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales

i) l'article 3 de la loi du 28 juin 2002 portant création d'un forfait éducation

j) la loi du 21 décembre 2007 relative à la bonification d'impôts pour enfants

» **M. le Président.**- Ech si frou, Här Gibéryen, dass Dir drop renoncéiert hutt, d'Proposition de loi elo hei ze presentéieren, well dat eisem Reglement net entsprach hätt.

## 9. Heure de questions au Gouvernement

Mir kommen dann un déi éischt Fro haut de Mëtteg un d'Regierung. Et ass déi vum honorabelen Här Roth un den Här Ëmweltminister, eng Fro betreffend d'Wandmillen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

**- Question N°264 du 22 avril 2008 de M. Gilles Roth relative au cadre réglementaire applicable à l'implantation d'éoliennes, adressée à M. le Ministre de l'Environnement**

» **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, laut dem Rapport d'activité vum Ëmweltministère ass am Joer 2007 een neie Wandpark autoriséiert ginn. Am Ganze si bis haut eelef Wandparken am Land genehmegt ginn, woubäi der zwee net an d'Exploitation gaang sinn, well den Délai vun der Autorisation ofgelaf war.

Zu Lëtzebuerg gëtt et menges Wëssens keng spezifesch Reglementatioun wat d'Opstellung vu Wandmille betrëfft. Et ass d'Kommodos-Gesetz aus dem Joer 1999, wat och d'Fro vun de Wandparke regelt. Dozou kënnst jee nodeem d'Gesetz iwwert den Naturschutz.

Um Niveau vun de Verwaltungsgerichter gëtt et eng Rei vu Jurisprudenzen, déi de Caractère d'utilité publique vun de Wandmillen als Quell vun erneierbar Energien zréckbehalen hunn. D'Fro vun der Legalitéit vun engem graphesche Plang, dee verschidde Zones de réserve fir Wandmille feststellt, war do schonns méi ëmstridden. An der Belsch, notamment an der Wallonie, gëtt et fir d'Opriichte vu Wandmillen ee sougenannte Cadre de référence.

An dësem Kontext wollt ech den Ëmweltminister froen: Gedenkt d'Regierung och eng spezifesch Reglementatioun fir d'Opstelle vu Wandmillen hei zu Lëtzebuerg auszeschaffen? Wat fir ee Stellerwäert miesst d'Regierung der Wandenergie an Zukunft bäi, besonnesch fir déi europäesch Virgab a Saachen erneierbar Energie ze erfüllen, déi seet, dass bis d'Joer 2020 11% vum nationalen Energieverbrauch duerch erneierbar Energien ofgedeckt musse ginn?

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Roth. Den zoustänneg Minister huet d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.**- Här President, dem honorabele Kollege Gilles Roth seng Fro betrëfft virun allem de schwieerege reglementaresche Kader an deem mer eis befannen. Den Innen- a Landesplanungsminister hat sech virun enger Zäit proposéiert gehat, e Plan sectoriel extra ze maache fir de Beräich vun de Wandparken. Hien huet déi Iddi, well et och eng schwéierfällg Prozedur ass, fale gelooss a gesäit am Moment éischter de Wee fir am Rumm vun der Diskussioun iwwerhaupt iwwert d'Kompetenz vun de Gemengen am Beräich vun der Energie- an der Klimaschutzpolitik op e Règlement-type erauszegoen, am Zesummenhang mat de Bautereglementer vun deenen eenzelne Gemengen, fir also esou e Kader an Zesummenaarbecht mam Syvicol auszeschaffen an domadder de Gemengen eng Méiglechkeet ze ginn, op deem Kader ze schaffen.

Bleift, dass an deem reglementare Beräich eng ganz Rei vun Autorisationen, och nach ëmmer, wann dat do geléist ass, nach wäerte spillen. Dat ass wouer natierlech fir de Kommodos-Beräich, fir all déi Aspekter, déi mat Kaméidi ze dinn hunn, och mat de Schied ze dinn hunn, déi hei spillen, an och Distanzen, déi ze respektéiere sinn. Dat ass wouer och fir de Beräich vun der Aviation civile, wou mer eng Rei vu Problemer haten am Zesummenhang mat Trajectoiren, déi ze respektéiere si fir de Beräich vun der

Aviation. An dat ass natierlech wouer fir den Naturschutzberäich an all Dispositiounen aus deem Gesetz.

Esou dass ech also géif mengen, an enger éischter Phas soll een op déi do Fro d'Antwort ginn, dass mer zesummen dee Règlement-type ausschaffen, fir weinstens déi Fro um Niveau vun deem, wat d'Gemenge betrëfft, geléist ze kréien.

Wat déi zweet Fro, de Stellerwäert vun der Wandenergie, ubelaangt, esou mécht se am Moment an där Produktioun vum Stroum, déi gemaach gëtt iwwer erneierbar Energien, ongeféier 10% aus. Largement un der Spéttz läit natierlech ëmmer d'Biomass, déi eppes Klenges méi wéi d'Halschent ausmécht aus der Produktioun vun erneierbaren Energien. Mä an deem, wat d'Effektivitéit ubelaangt, par rapport zu deem, wat d'Förderung ubelaangt, spillt d'Wandenergie och fir déi nächst Joreng eng grouss Roll, wann ee weess, dass d'Capacités zum Beispill um Niveau vum Waasser praktesch ausgenotzt sinn, ausser vläicht nach kleng Projeten, an um Niveau vun der Fotovoltaik ëmmer dee Problem bleift, dass dat eis an eiser Klimaschutzbilanz direkt net vun Notzen ass, mä trotzdem awer nach ëmmer gefördert gëtt, ech mengen Dir wësst dat, souwuel iwwert de Beräich vun enger Infrastruktursubventioun wéi och iwwert déi Produktioun, déi geleescht gëtt.

Wat mer am Moment hunn, si 55,9 Megawatt, déi hiergestallt ginn. Wann ech d'Potentialstudie kucken, da sinn eng Rei vu Projeten - Réiden, Käl, Suessem a Garnech mat kalkuléiert - nach realiséiert ze ginn. Dat wär nach eng zousätzlech Capacitéit vun 28 Megawatt, déi géifen derbäikommen. A wann ech kucken, dass an deem Zäitraum duerno, vun 2010 bis 2020, haaptsächlech dat gemaach gëtt, wat genannt gëtt e Repowering vun deene bestehenden Anlagen, dass also do d'Capacités erneiert ginn an och an d'Luucht gesat ginn, wat nach eng Kéier 35 Megawatt ausmécht, an zousätzlech Anlagen an där Period vun 31 Megawatt gerechent gi sinn, wa mer déi bis 2020 fäerdeg bréngen, da komme mer insgesamt op 150 Megawatt, wat also eng Verdräifachung wär vun deem, wat mer haut hunn.

Dat heescht also, dass een de Cadre réglementaire sécherlech muss besser gestalten, harmoniséieren, och kucken, op déi eenzel Opérateuren, déi Projete wëlles hunn, wierklech zouzegoen, fir hei vläicht Guichet unique ze maachen an derfir ze suergen, dass dat aus engem Goss zesumme geet. Wa mer dat fäerdeg bréngen, da sinn dat doten déi Capacités, déi mer an deenen nächste Jore kéinte fäerdeg bréngen.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Punkt op d'Sekonn hutt Der d'Zäit agehalen, dat freet mech an och all déi aner heibanen. Den Här Berger stellt dem Här Innenminister eng Fro iwwert d'Plans sectoriels. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

**- Question N°265 du 22 avril 2008 de M. Eugène Berger relative à l'état d'avancement des plans sectoriels, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire**

» **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Am Juli 2005, méi prezis de 26. Juli 2005 huet den Innenminister de Plan sectoriel «Lycées» virgestallt. An deem Kontext huet dunn den Innenminister och gesot, datt e géif de Plan sectoriel «Transports» an d'Plans sectoriels «Logement» an «Grands ensembles paysagers» preparéieren. Ech zitieren do och vun der Internetsäit vun der Regierung vum 26. Juli 2005, wou steet: «Aux dires de Jean-Marie Halsdorf, le projet de loi sur le plan sectoriel „Transports“ sera présenté avant la fin de l'année 2006, alors que les projets de loi Logement et Grands ensembles paysagers seront prêts pour 2007.»

Här President, mëttlerweil si mer Abrëll 2008. Duerfir wollt ech froen, well déi Pläng nach net virleien, wou déi Aarbechten dru wieren, respektiv ob eis den Innenminister ka méi prezis soen, weini dann déi dräi verschidde Plans sectoriels prett sinn, fir datt se kënnen an d'Prozedur goen.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Berger. Den Här Jean-Marie Halsdorf, Innenminister, huet d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, et ass richtig, dass ech am Juli vum Joer 2005 déi Ausso do gemaach hunn, mä ech muss feststellen, dass mer

déi Zäit ze vill optimisteschen waren. Mir hu wierklech gemengt, déi Plan-sectoriell kéinten aus engem Goss ëmgesat ginn. Et muss een awer feststellen, dass et déi éischte Kéier ass, dass mer Plan-sectoriell primär maachen.

Well dat ass dee ganz groussen Ënnerschied par rapport zu engem Plan sectoriel «Lycées», wat e Plan sectoriel secondaire ass. Do ass d'Matière vill méi komplex. D'Envergue ass vill méi grouss. Et muss méi am Detail gekuckt ginn. Déi Diskussiounen tëschent de Ministere musse méi am Fong gemaach ginn.

Wa mer net esou gutt weiderkomm sinn, dann ass et net, well déi eenzel Ministeren net wollte matschaffen, mä dann ass et éischter, well einfach den Däiwel och am Detail ass: Wéi sinn déi verschidden Optione festzeleeën? Wéi sollte mer plangen? Dat ass ee vun de Grënn, firwat dass mer nach net méi wäit sinn, wéi mer elo sinn.

Deen zweete wichteg Grond ass dee vun de juristesche Froen, déi sech opwerfen am Kader vun engem Plan sectoriel. Net méi spët wéi virun e puer Méint hu mer am Kader vum POS Findel gesinn, wéi wichteg déi juristesche Aspekter sinn. Déi sinn och ganz komplex. Hei muss och wierklech bis an de leschten Detail gekuckt ginn, fir d'Risiken, fir dass eng Annulation ka stattfannen, ze minimiséieren.

Drëtens, dat ass och en Aspekt, deem mer eis am Ausaarbechte bewosst si ginn. Mir hu jo véier sougenannte Plan-sectoriell primären: dee vum Logement, dee vun de Zone-d'activité-économique, vun de Grands ensembles paysagers a vum Transport. Et geet drëm, déi véier mateneen ze vernetzen. Juristeschen géif ech bal soen, an och wat déi technesch Aspekter ugeet: Et ass eng integrativ Approche. Déi ass och immens, immens komplex. Duerfir komme mer och - loosse mer soen - nëmme „step by step“ weider. Mir versichen elo déi véier an engem gewëssene Parallelismus fäerdeg ze kréien.

Doriwwer eraus hu mer nach en aneren Aspekt, deen och opgetrueden ass, deen awer gewosst ass. Dat ass déi sougenannte Direktiv 2001/42/CE vum 27. Juni 2001. Déi gesäit vir, dass mer mussen eng strategesch Ëmweltprüfung maachen, eng sougenannte SUP. Déi muss och nach fir allegueren déi Projete gemaach ginn.

Esou gesitt Der, dat ass net esou einfach, well do hu mer och keng Valeur-de-références. Aus deem Grond eraus wäert et elo esou sinn, dass mer nach virum Summer de Plan sectoriel «Transports» an de Plan sectoriel «Grands ensembles paysagers» wäerte presentéieren. Da gëtt duerno déi sougenannte SUP op deene Projete gemaach. An duerno wäerte mer dann déi zwee aner Plan-sectoriellen, dee vum Logement a vun de Zones d'activités économiques, virleeën.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Den honorabelen Här Schreiner huet eng Fro un de Minister vun der Fonction publique an der Réforme administrative iwwert d'Introduction d'une pension complémentaire dans la Fonction publique. Här Schreiner, wann ech gelift.

**- Question N°266 du 21 avril 2008 de M. Roland Schreiner relative à l'introduction d'une pension complémentaire dans la fonction publique, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative**

» **M. Roland Schreiner (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, ech wollt dem Minister vun der öffentlecher Fonctioun eng Fro stellen am Zesummenhang mat der eventueller Aféierung vun enger Zousazpensioun an der Fonctioun publique, esou wéi et se am Privatsecteur och scho gëtt.

An engem Communiqué huet d'CGFP - d'Statsbeamtengewerkschaft - eis d'lescht Woch wësse gelooss, dass eng Entrevue beim Minister erginn hätt, dass d'Regierung - ech zitieren - „eng oflehnd Haltung“ an dëser Fro ageholl hätt. Dat, obscho se sech am Accord salarial vum 5. Juli 2007 engagéiert hätt an och huet, d'Faisabilitéit vun der Schafung vun engem Zousazpensiounsregime - wéi et en am Privatsecteur gëtt, ech hunn et gesot - ze studéieren fir déi Leit, déi nom 31. Dezember 1998 beim Stat agestellt goufen oder nach ginn. Entsprechend Konkursiounen sollten da virum Juli 2008 virleien. Dat ass de Wortlaut vum Accord salarial.

Uni elo d'Opportunitéit vun esou enger Mesure hei bewäerten ze wëllen, wollt ech de Minister froen, ob hien déi Aschätzung

vun der CGFP esou confirméiere kann. A wa jo, wat respektiv wéi eng Elementer d'Regierung dozou verleet hunn, dës oflehnd Haltung, wéi d'CGFP et formuléiert huet, anzehuelen. Ech erënneren och drun, dass schonn am Joer 2000 an der Folleg vum deemolege Gehälteraccord eng Kommissioun an d'Liewe geruff gouf, déi esou eng Zousazpensiounsuerdnung fir den öffentlechen Déngscht sollt ausschaffen.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Schreiner. Den Här Minister Claude Wiseler huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Merci, Här President. Ech muss mat der Explikatioun vun deem, wat elo gefrot ginn ass, zréckgoen op den Text genau esou wéi en am Accord salarial d'lescht Joer ofgemaach ginn ass. Den Accord salarial seet, datt d'Regierung bereet ass, d'Faisabilitéit ze studéieren op Basis vu Propositionen, déi vun der CGFP erabruucht gi si vun der Kreatioun vun engem Régime de pension complémentaire an datt déi Konkursiounen vun där Etüd solle fir Juli 2008 disponibel sinn.

Déi Proposition, déi vun der CGFP erakomm ass, wëll ech elo net an all Detail resuméieren. Mä déi huet grosso modo doranner bestane fir ze soen, datt an esou engem Régime de pension complémentaire kéinten déi Statsbeamten, déi no '98 an de Statsdéngscht komm sinn, sur base volontaire eppes erabezuelen. Da géif de Stat e Complément ginn op deenen, déi sur base volontaire erabezuelen.

Déi Etüd, déi mer iwwert déi Proposition gemaach hunn, esou wéi se par ailleurs am Accord salarial steet, ass eng Etüd gewiescht, déi haaptsächlech d'juristeschen Basis dovunner gekuckt huet. Or, wann een d'juristeschen Basis kuckt, esou wéi se am Gesetzestext vum Juni 1999 festgehalten ass, ginn déi Pensiounssystemer an dräi Pilieren agegliddert.

Dovun ass den zweete Pilier dee vun der sougenannter Betrëbsrentenversicherung, déi sech awer haaptsächlech doduerch charakteriséiert, datt se op der Volonté patronale baséiert an datt, wann eng Volonté vum Patron do ass, fir eng privat oder fir eng Pension complémentaire ze bezuelen, dann och d'Obligation légale do ass, fir déi equivalent Kontributiounen fir sief dat dat sämtlech Personal ze maachen, sief dat spezifesch Kategori vum Personal, mä dann an der Globalitéit. D'Initiative patronale ass also, wann ee sech am zweete Pilier befénnt, eng Obligation.

Dee System, deen hei vun der CGFP proposéiert ginn ass, huet a sech dat ëmgedréint gemaach an huet eng Volonté vun deem Eenzelne viragestallt, fir datt de Patron soll nobezuelen. Dat ass also, esou wéi et hei an där Proposition definéiert ass, mam Gesetz, dat mer iwwert d'Complémentairepensiounen hunn, net méiglech, fir dat am Cadre légal actuel ze maachen. Dat ass dat, wat d'Regierung hei gesot huet.

Mir hunn och gekuckt: Wéi ass et am drëtten Pilier? Jo, do ass et evident. Den drëtten Pilier ass dee vun der Privatvorsorge, dat heescht, wou just privat abezueelt gëtt, wat jo natierlech jiddferen - inklusiv d'Statsbeamte selbstverständlech - ka maachen. De Fait fir ze froen, datt dann de Patron en Zousaz hannendru gëtt, dat ass am Fong vun der Definitioun hier net konform mam drëtten Pilier.

Dat géif eis automatesch schonn an den zweete Pilier reklasséieren. A wa mer am zweete Pilier sinn, dann ass d'gesetzlech Logik eng ëmgedréint. Mir hunn also der CGFP matgedeelt, esou wéi mer et gesot hätten am Accord salarial, datt op Basis vun där juristescher Faisabilitéit dee System, esou wéi en elo virgeschloen ass, net méiglech war. Méi war och net an deem Accord salarial ofgemaach ginn.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass déi vum honorabelen Här Gira un den Här Innenminister iwwert d'Noutdéngschter. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.